N° 7823
Entrée le 02.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7823 vum 27. Mäerz 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*Wéi vill Busfirmen aus der Groussregioun oder aus anere Länner fueren hei am Land regulär oder temporär Buslinnen?*

Aktuell huet de lëtzebuerger Stat kee Kontrakt mat enger Busfirma aus der Groussregioun oder anere Länner déi regulär oder temporär Buslinne fueren. All grenziwwerschreidend Buslinn déi am RGTR-Reseau gefuer gëtt ginn vu lëtzeluerger Busfirmen bedriwwen.

Et existéieren e puer regulär Buslinne vun auslännesche Busfirmen a Richtung Lëtzebuerg déi net am RGTR-Reseau sinn. Dës Linne gi vun dräi Busbetriber aus Däitschland, vun engem Exploitant aus der Belsch a vun enger Firma aus Frankräich gefuer. Des Informatioune bestinn wäll opgrond vum europäesche Reglement 1073/2009 grenziwwerschreitend Buslinne genehmegungsflichteg sinn an dofir en Echange tëschent den jeeweilegen Autoritéite besteet, an d'Informatiounen zu de d'Linnen ginn och um Site mobiliteit.lu an der Rubrik vun de Fuerpläng veréffentlecht.

*Ginn d'Buschaufferen vun dësen Entreprisen och no lëtzebuergesche Standarder bezuelt?*

Dat entzitt sech menger Kenntnis.

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch